

Wouru fuerscht Dir?

Lou Pepin

Mat 3 offiziellen Amtssproochen an enger wuessender Internationaliséierung vun der Gesellschaft ass Lëtzebuerg op institutionellem, individuellem a gesellschaftlech Niveau duerch eng komplex Méisproochegkeet gekennzeechent. Meng Fuerschung ënnersicht dobäi, wéi dës sproochlech Situatioun vun de Frontalier*ëre wouergeholl gëtt, wéi eng Auswierkung se op hiren Alldag huet, a wéi si mat dëser sougenannter Polyglossie ëmginn. Mäi Projet reit sech domat an d'Soziolinguistik an, e Volet vun der Linguistik, dee sech op de Gebrauch an d'Perceptioun, a manner op d'Form vun der Sprooch fokusséiert.

Fir d'éischt ass et wichteg ze erwänen, dass ech mat an iwwer Leit fuerschen. An dësem Fall handelt et sech ëm Grenzgänger*innen, déi ronn 45 % vun der Lëtzeburger Aarbechtsbevëlkerung ausmaachen. Bis elo war et esou, dass virun allem Residentë mat der Lëtzeburger Nationalitéit an/oder Lëtzebuergesch als Éischtsprooch Fuerschungsgéigend waren. Duerch hir linguisteschech an ekonomesch Wichtigkeet fir de Grand-Duché ass et awer essenziell, dass och Frontalier*ëren a sproochlecher Hisiicht ënnersicht ginn. Ëmmerhi spille Franséisch an Däitsch wéinst de Grenzgänger*innen hirer Präsenz och an alldäeglechen Interaktiounen hei am Land eng zentral Roll, bezéiungsweis kuerbelt dës Grupp eis Wirtschaft mat hirer Aarbechtskraaft an hire Steieren un.

Dono muss betount ginn, dass hir Perceptioun an d'Bewäertung vun der sproochlecher Situatioun wichteg Fuerschungsaspekter sinn. An dësem Kader kënnen Sproochstellungen een Indikator dofir sinn, wéi et dës Grupp hei am Land geet, a se kënnen esou d'Sproochepolitik beaflossen. Dat bedeit, dass duerch Sproochstellungen Besoinen an eventuell Problemer vun enger wichteger Grupp gehéiert kënnen ginn. A verschiddenen Etuden aus de leschten 10 Jore konnt well sproochlech Diskriminatioun géint si erfuerscht ginn. Och déi komplex Méisproochegkeet am Land kann zu ideologesche Konflikter féieren. An deem Kontext goufen nach linguistesche Strategien, fir duerch den Alldag ze kommen, vun den dacks manner méisproocheg Frontalier*ëre ënnersicht. Dofir dokumentéieren an analyséieren ech, wéi dës Grupp déi verschidde Sproochen zu Lëtzebuerg, d'Méisproochegkeet an Handlung mat Sprooch wouerhëlt a bewäert.

Bei menger Datenerhiewung hunn 372 Grenzgänger*innen op ee Froebou zu genau dësen Theemen esouwéi zu hirem Wëssen iwwer déi sproochlech Situatioun hei am Land geäntwert. Des Weidere sinn 19 Persounen vu mir interviewt ginn. Mat der Hëllef vu statistesche Programmer an Tester quantifizéieren ech d'Äntwerten aus dem Bou an ech ënnersichen, wéi eng Faktoren, wéi z. B. Alter, Aarbechtssektor oder Residenzland, Afloss op d'Äntstellungen hunn. D'Interviewe ginn transkribéiert a mat Hëllef vun Textanalysemethoden ënnersicht. Hei versichen ech, d'Zuelen aus dem Bou mat méi déifgrënnegen Ausféierunge vu mengen Testpersounen ze verstoen esouwéi Grënn an Discoursen



Duerch hir linguisteschech an ekonomesch Wichtigkeet fir de Grand-Duché ass et essenziell, dass och Frontalier*ëren a sproochlecher Hisiicht ënnersicht ginn.

erauszeschaffen. Ech ginn de Projet also mat enger sougenannter *mixed-method approach* un, vu dass ech quantitativ a qualitativ Verfuere benotzen.

Während d'Méisproochegkeet als immens praktesch an noutwennege jugéiert gëtt, trieden och vereenzelt Fäll op, wou Frontalier*ëre sech vun de sproochlechen Ufuerderungen ënner Drock gesat fillen, oder sech duerch Gruppgebildung ënnerhalb enger Sproochgemeinschaft ausgeschloss gesinn. Hei ass zum Beispill déi méisproocheg Praktik vum „Konvergieren“, an dësem Fall wa Residentë sech konstant un d'Sprooch vun hirem Gégeniwwer upassen, eppes, wat engersäits vu Grenzgänger*innen zwar praktesch fir d'Erreeche vu kommunikativen Ziler bewäert gëtt, anerersäits awer als Hindernis, fir d'Sprooch ze léieren, beschriwwen gëtt.

Ausserdeem konkurréiert virun allem d'Franséisch mam Lëtzebuergesch. Vill Befroter sinn der Meenung, dass dat Lëtzebuergesch méi present am Land soll sinn. Kloer gëtt awer och, dass éischter Franséisch als nützlich am Alldag bewäert gëtt, an do Lëtzebuergesch an der perséinlecher Liewenswelt eng éischter ënnergeuerdent Roll spillt. Trotzdeem fanne si, dass formellhaft Sätz op Lëtzebuergesch hëllefen, fir sech ze verstännege, a fir sech vun de Residenten akzeptéiert ze fillen. Éischt statistesch Analyse confirméieren z. B. och bekannt regional Ënnerscheeder: Leit, déi am Norden oder am Oste vum Land schaffen, huelen d'Méisproochegkeet an hirem beruflechen Alldag als manner hëllefbräich an do besonnesch Däitsch als nützlich wouer. Des Weidere trieden an hiren Erzielungen opfälleg redundant Mustere op, wéi z. B., dass d'Situatioun hei am Land gäre mam eegenen Heemechtsland verglach gëtt.

Dës sinn nëmmen éischt Resultater an et leien nach vill spannend Daten op menger Festplack, déi dorop waarden, analyséiert a berechent ze ginn. An och meng Positioun als Fuerscher dierf net einfach sou onkritesch higeholl ginn. Esou konnt ech a mengen Date méi wéi eemol feststellen, dass ech als Persoun mat Lëtzebuergesch als Éischtsprooch meng Interviewpartner*inne beaflossen. Ech si gespaant, wéi eng Erkenntnisser nach op mech waarden. ♦

De Lou Pepin huet e Bachelor an der Germanistik zu Wien an e Master am Enseignement secondaire mat Spezialiséierung op Däitsch op der Uni Lëtzebuerg ofgeschloss. Aktuell mécht hien en Doktorat an der Lëtzebuergescher Sproochwëssenschaft a befaasst sech haaptsächlech mam sozialen Impakt vu Sproochen.